ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 27. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Eng kleng Baufirma mat e puer Salariéen, déi eréischt zënter dësem Joer aktiv ass huet, am Kader vum Lockdown den 23. Mäerz, mat hiren Aktivitéite missen ophalen, grad wéi vill aner Entreprisen am Land. Op Demande hin, huet de Wirtschaftsministère der Firma eng sougenannt „Indemnité d'Urgence" refuséiert. Dat mam Argument datt der Firma hire „Chiffre d'Affaires Annuel" ënner 15.000 Euro leie géif.

Dofir wéilt ech der Regierung folgend Froe stellen:

1. Firwat leet de Wirtschaftsministère e Krittär vun engem minimale „Chiffre d'Affaires Annuel" fest, wann et sech dobäi em eng Entreprise handelt déi eréischt dëst Joer gegrënnt ginn ass?
2. Wat fir eng Hëllefe kréie kleng Betriber, déi eréischt dëst Joer mat hirer Aktivitéit ugefaangen hunn, déi di sougenannt „Indemnité d'Urgence" refuséiert kritt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten